N° 6561
Entrée le 27.07.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 28.07.2022

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27. Juli 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

An Holland gëtt all Nationaldenkmal ("Rijksmonument") mat engem wäiss-bloen Emaille-Schëldche gekennzeechent. Säit 2010 ginn och Objeten, déi net vun iwwerragender nationaler Bedeitung sinn an déi kee wäiss-blot Schëld droen däerfen, mat enger Denkmalplaquette ausgestatt, wat den touristeschen Attrait vun dësen Objeten ouni Zweiwel erhéicht.

Zu Lëtzebuerg ass et awer net ëmmer liicht ze erkennen, ob ee Gebai ënner Denkmalschutz steet. Oft schaaft réischt e Bléck an d'"Liste des immeubles et objets classés comme patrimoine culturel national ou inscrits à l'inventaire supplémentaire" vum "Institut national pour le patrimoine architectural" (fréier "Service des Sites et Monuments") Gewëssheet doriwwer.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1) Wéi steet d'Madamm Minister zur Iwwerleeung, sämtlech Nationaldenkmäler hei am Land fir d'Ëffentlechkeet mat engem Schëld oder enger Plaquette ze kennzeechnen?
2) Wier et am Hibléck op d'Verbreedung vu kulturellem Wëssen iwwer eist Land keng gutt Iddi, ee QR-Code nieft oder op esou engem Schëld unzebréngen, deen eppes iwwer d'Gebai erzielt?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup,
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

**Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n° 6561 vum 27. Juli 2022 vum Här Deputéierte Fred Keup**

Dat neit Denkmalschutzgesetz vum 25. Februar 2022 gesäit a sengem Artikel 33 vir, datt eng Plaquette op engem national klasséierte Gebai kann ubruecht ginn, dat mat der Zoustëmmung vum Proprietär. Am Moment ginn et eng ronn 1.000 esou Gebaier. Wichteg ass et an de nächste Méint a Joren d'Zuel vun de klasséierten Haiser weider erop ze schrauwen an ze hëllefen se uerdentlech ze restauréieren. Déi ganz Energie vum Institut national pour le patrimoine architectural (INPA) gëtt am Moment an dës wichteg Missiounen investéiert.

Mam Schafen a mam Ausbau vun engem didaktesche Service am INPA an de nächste Joren wäert dann och de Volet vun der Kommunikatioun weiderentwéckelt ginn. An deem Kontext ass virgesinn, all déi klasséiert Gebaier analog an elektronesch adequat ze markéieren, dat virun allem fir d'Leit esou gutt wéi méiglech iwwert eise geschützte Patrimoine z'informéieren. Effektiv sollen iwwert eng Zort QR-Code dës Informatiounen un e grousse Publikum weidergeleet ginn.

Lëtzebuerg, den 31. August 2022.

D'Kulturministesch

(s.) Sam Tanson